

# Prenzesschen Ro'semendchen



Ë Märchespill  
a 4 Akten mat Musék

vum

Mélanie GEORGES

D'Zéchnongen si vum Prof. P. BLANC



Letzeburg — 1922

Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS


J. P. Worré, Nofolger.


S. K. B. dem Kro'nprenz

## Jean vu Letzeburg

ass mein e'scht Wirkchen »Prenzesschen  
Ro'semendchen« a grosser Vere'erong  
30'erkannt

Melanie GEORGES.





Perso'nen:

1. Ro'semendchen, als Kand;
2. Prenz Dausendsche'n, als Jong;
3. Sechs Beschirächercher an hir Kinigin;
4. Sechs Wichtelcher an hire Kinek;
5. Ve'erzeng Engelen;
6. Amor;
7. Eng Hex;
8. Raubritter Hugo vun Heringen;
9. Klaus an Hans, seng Knappen;
11. Ro'semendchen, als erwueszend Médchen;
12. Prenz Dausendsche'n, als jonge Ritter;
13. Zwé prenzlech Bedengter;
14. Volek;
15. Eremit Klausener;
16. Eng Glecksfé;
17. Eng be's Fé;
18. Beschfrenn-Ballett.

D'Steck spillt am 12. Jorhonnert, am Grengewald zo' Letzeburg



## Virwuert.



es Séchen spilt sech of zo' Letzeburg am Grengewald am 12. Jôrhonnert, wo' et nach Raubritter go'wen an d'Leit nach stârk un Hexen gegléft hun.

D'Prenzessen Ro'semendchen get als Kand vun 3 Joer bei engem Spaze'ergank sengen le'wen Elteren gestuel, seng Elteren gin vun engem Raubritter gefânge geholl an ann engem Prisong festgehalten, wo' se ere'scht zo' hiren alen Dég erem a Freihêt gesat gin. De Raubritter Hugo huet d'Ro'semendchen bei Pflégelteren ennerbruecht bis zum Alter vun 11 Joer, wo' de Pflégelteren Nuets durch Reibber d'Haus a Brand gestach get, an hat sech an de Gréngewald rêtt, wo' et sech nu verîrt huet. Et get dann vun enger Hex iwer-rascht, de' him eng gutt Zo'konft prophezeit. Et ass dann am Bösch vu Middegkêt ageschlof an am Drâm geseit et de' 14 Engelcher, vun dénen mer dat bekannt Gebiétchen jo wessen.

De klenge Prenz Dausendsche'n, dén op der Juegd vum Wé ofkommt ass, get zevill fre' vun der Nuecht iwerrascht a fennt dodurch nun d'Ro'semendchen we' hat am Bösch do leît ze schlofen. Hie bedènkt sech net lãng a lét sech och duer fir hat ze bewâchen. De Raubritter Hugo, dén an der sëlwechter Nuecht mat senge Knappen op Raub ausgezun ass, fennt nun och d'Ro'semendchen. E vun de Knappen, de Klaus, erkènt d'Kand, a wellt net em de' op de Kapp vum Ro'semendchen gesat Belo'nong kommen. Hie wellt et op den Arm huelen, get ower dann vum Prenzchen Dausendsche'n, dén op der Wuecht leîd, mat engem Spér getraff a verwondt. Et entstêt nun e Kampf teschent him an dem

Dausendsche'n. D'Ro'semendchen ergreift de Spér a stecht de Reibber an de Réck. Do't getraff fällt hien nidder.

D'Wíchtelcher hun den Optrett gehe'ert a kommen erbei gelaf. Sî gesin d'Kanner an huelen se mat hêm an hir Hiel. Eng Zeitchen me' spe't ass d'Ro'semendchen fresch a monter op d'Sich vu Kreider fir d'Wíchtelcher ausgâng. Op der fre'erer Plâz am Bösch huet et e Blummekrânzchen, dén et gemâcht huet, niddergeluegt fir de Prenzchen, dén erem op sengem Schlass ass. Mettlerweil ass de Klaus och erem vu senger Wonn gehêlt; hie lauert d'Ro'semendchen op an höllt et ên Dag mat. — De Prenz an d'Wíchtelcher sichen et 7 Joer lâng a fannen et êndlech am Prisong erem, kûrz vir-drun, wo' et als Hex verbrannt soll gin. —

Prenz Dausendsche'n erkènt d'Ro'semendchen erem no engem Duèll, dén hie mat dem Hugo hât; den Hugo fällt dobei. D'Wíchtelcher brengen de Brautschmock an dinn et un. Eng gutt Fé zaubert zum Schluss all Böschfrenn erbei, de' e Ballett opfe'eren an als Hochzeitsgäscht mat dem jongen Prenzepuer op d'Schlass ze'en.





## ***E'schten Akt.***

### **1. Optrett.**

*(Gesank a Reigen vun de Beschfrächercher.)*

### **Am Besch.**

I.

Am Besch ass onst Liewen  
Am Besch ass onst Gléck,  
Ons Hémecht, onst Striewen,  
Vum Himmel e Stéck.  
Den Doft vun de Blummen,  
Vum Bâm a vum Reïss,  
An d'Rauschen vum Bâch  
An der Nuechtigall Weis.


II.

Am Besch schloen d'Hierzer  
Me' licht a me' fro',  
Et fend fir seng Suergen  
De Menschegéscht Ro'.  
An dreift et dohin dech  
Bleif du net zeréck,  
Am Besch fendst du Fridden  
Am Besch fendst du Gléck!



*Agitato.*

## Am Besch.



1. Am Besch ass onst Lie - wen am Besch ass onst  
2. Am Besch schlo - en d'Hier - zer me' licht a me'



Gléck, Ons Hé - mecht, onst Strie - wen, Vum  
fro', Et fend fir seng Suer - gen De




Him - mel e Stéck. Den Doft vun de  
Men - sche - géscht Ro'. An dreift et do -



Blum - men, Vum Bâm a vum Reïss, An  
hin dech, Bleif du net ze - réck, Am



d'Rau - schen vum Bâch An der Nuech - ti - gall  
Besch fendst du Frid - den, Am Besch fendst du



Weis. An d'Rau - schen vum Bâch An der  
Gléck, Am Besch fendst du Frid - den, Am



Nuech - ti - gall Weis.  
Besch fendst du Gléck.



*Beschfrächercher: (Nom Danz jeitzen se zesummen.) O jé,  
do kent d'Hex. (Lafen erschreckt jort.)*

## 2. Optrett.

*D'Hex: (Kent do a re'ert an ènger Pännchen.)*

*Rézit:*

Ech re'eren dé Brei  
Fir en Edelmannskand  
An ech hêschen  
Al Affrantrant —

Ma kommt erem, dir Frächercher, ech wollt iech èr Fréd  
net verdirwen. (*Setzt sech a wescht sech de Schwêss of.*)  
Sollen dann haut keng friem Handelsleit durech de Besch  
kommen, de 'mir èppes ze verdenge gin. 'T muss ê sech  
dach aremse'leg durch d'Liewe schlo'n. We' sét d'Sprech-  
würt: D'Konscht gêt hêschen, eso' gêt et alle brave Leit.  
(*Si schmâcht de Brei a sét:*) Ei, wi gutt!

## 3. Optrett.

*Ro'semendchen: (kemt lues erbei a sicht Irdbîren. — Geseit  
d'Hex, erschreckt.) O Mamm, eng Hex! eng Hex!*

*D'Hex: (Ganz le'w.)* Komm hier mei Këndchen, ech dun dir  
neischt. Ech sin och keng Hex, we's du gemengt hues.  
(*Fir sech.*) Gesin ech dach wirkelech eso' fîrchterlech  
aus. Elo e'nescht sin d'Beschfrächercher ewèll fortelaf  
we' se mech geso'gen. (*Zum Ro'semendchen.*) Kuck, ech  
sin blo's eng arem Fra, de' de Leiden aus der Hand liést;  
komm hier mei Kand, a fiercht net. Ech hun nach kengem  
èppes ze Léds gedo'n.

*Ro'semendchen: (Kuckt op.)* Ech gesin, dir sit eng gudd  
Fra, an ech well iéch mei Léd kloen. Onst Haus ass  
metten an der Nuecht vu Reiber iwerfall a geplenert gin.  
Vun Angscht sin ech an de Besch gelaf. Elo sin et ewèll  
drei Dég an ech wêss net me' wo'hin a wo'hir.

*D'Hex:* Da komm, da welle mir emol kucken wat dir am  
Liewen bevirstét. Vleicht kann ech dir soen, op dir nach  
ê Glocksstier blenkt. (*Si helt seng Hand a bekuckt d'Li-*

nien.) Mei Kand, du bass enert der Kro'n geburen! Mé da wärs du jo eng kleng Prinzessin! E Fluch ass ower iwert dech ergâng. Du bass dengen Eltern hirt ênzegt Kand. Iwer engem Spaze'ergank bass du denge kineklechen Eltern entrass gin. Si sêlwer go'wen vun déne Reiber gefânge gehol an hirer Kro'n beraft.

*Ro'semendchen:* (Kreischt.) Meng arem le'i Eltern.

*D'Hex:* Kreisch net, mei Kand. Ech liésen aus deser klenger Hand, dass dir nach vill Gleck am Liewen bevirstêt. An ech versecheren dir, dass du och nach eng Kro'n dre's.

*Ro'semendchen:* Eng Kro'n?

*D'Hex:* Jo eng Kro'n. Du rêtts engem Prinz d'Liewen an dé belo'nt dech dorfir. 'T ass ower nach net eso' weit. Mais mais du erliews nach schlem Dég. Ech gesin e Prisong. 7 Joer —! Dat wêrde wuol deng Verwenschongsjoere sin. Sich mat Gottes Helef se z'erdrôn, wêll dênk un dat gro'sst Gleck. So' mei Kand, dat wâr alles wat ech dir soe kann. A wanns du spe'der émol glecklech a reich bass, dann dênk och u mech, de' dir d'Wo'recht sêt an de' se d'Hex nennen.

*Ro'semendchen:* Villmol merci, Madamm! Ech wêrd schon un iech denken.

*D'Hex:* Hei, mei Kand, huel de Brei an ies, du bass secher hongreg.

*Ro'semendchen:* Né merci, Madamm, ech hu mech sat Ird-bîre giesst.

*D'Hex:* Huel blo's, mei Kand. De Brei ass aus Beschwurzen gekacht, eso' gutt hues du nach ké gies. A sêtz méng Pännchen, wannst du fêrdeg bass, dur bei dé Bâm.  
(*Stêt op.*) Arwour mei Kand, los der et gudd ergôn.  
(*Gêt.*)

*Ro'semendchen:* Merci, arwour. (*Esst de Brei an nodém sêt et:*) O le'f Mamachen, kens du dei Ro'semendchen gesin, we' et eleng a verlôss hei metten am Besch stêt. (*Rezit.*)

Du Land wo' ech geburen  
Wo' ech gespilt als Kand.  
O wesst ech et dach nuren  
Wo' bass du, Hémechtsland?

Eng Kro'n hat ech a Reichtom,  
 A seid a sam'te Räck  
 Vill goldgebîrt Bedengter  
 Mat sche'ne giële Fräck.  
 O Papp a Mamm wo' sit dir,  
 Vleicht lîng enert der Ird.  
 Wâr och èrt Kand gestuerwen  
 Dat 'lo durch d'Länner irt.  
 (*Dreckt de Kapp widder e Bâm a kreischt.*)

4. Optrett.

(*Beschfrächercher kommen a sangen wèrend dém.*)

**Beschfrächercheslidd.**

*Andante.*



1. Hei stêt eng Pren-zess-chen, aus gel - de - nem  
 2. Mir ken-nen hir Hé-mecht de' sie huet ge-



Schläß-chen, de' wor vol - ler Fréd a voll Se'—leg-  
 bue-ren, mir wes-sen wo' d'Kro'n ass, de Reich-tom an




kêt. Dach d'Zeit ass ver - gân-gen, d'huet .Lêd u - ge-  
 d'Schlass. An och wo' hier El-tern, De' sie huet ver-



fân - gen, An d'Welt huet fir sie keng Barm-  
 lue - ren, Trei Hier - zer de' d'On-gleck hir



hèr-zech-kêt. An d'Welt huet fir sie keng Barm-  
huet zer-rass. Trei Hier - zer de' d'On-gleck huet



hèr — — zech - kêt!  
huet — zer - rass!

*Ro'semendchen:* Wo' soll ech mir des Nuecht e Bettche  
mâchen? Ah, elei hin. (*weisst op eng Plaz.*) An nu mei  
Nuechtgebiet. (*Kne't nidder, 't falt d'Hänn a biet.*)

Owens wann ech schlofe gin,  
14 Engelen mat mir gin:  
2 zu Kapp,  
2 zu Fe'ss,  
2 zu menger rechter Seit,  
2 zu menger lenker Seit,  
2 solle mech dècken,  
2 solle mech wècken,  
2 solle mech fe'eren  
Zum himmleschen Paradeis, Amen.

(*Et mécht d'Kreiz a lét sech op d'Mett vun der Bühn hin  
a schle'ft.*)


### 5. Optrett.

(*14 Engele komme ganz lues mat gefalten Hänn a sangen:  
Es geht durch alle Lande ein Engel still umher. — (Sî gi  
ganz lues am Krês ronderem.)*)

*Rezit:* Schlof gudd mei Kand  
A Gottes Hand,

Du fens erem  
Dein Hémechtsland.

*(Se gin oj. De Mônd schéngt.)*



### 6. Optrett.

*Prenz, als Bo'w: (Am Juegdkostüm mat enger Lanz.)* Mei Gott, huet de Bösch da kên Enn. Wann ech net iren, da wor ech schon op deser Plaz. Et lêft ên an der Nuecht



an eso' engem gro'sse Besch ower och emmer nemmen am Krês erem. *(E gêt hin an hier, a geseit d'Rô'semendchen.)* O, hei leîd e Kand! Vleicht vun engem Wollef zerass. *(Kne't sech a lauschtert no dem Otem.)* Wat ê Glect, den Otem gêt richtig, 't schle'ft nemmen. Awer we' kemt dat Kand hier. Vleicht huet et sech och verirrt, wèll an desem Besch ass neischt onme'glect.

Wär ech net verirrt, ech wär hém gângen, wèll meng Mamm fiercht secher et wär mir èppes passe'ert. Nujé, ech dun e gudd Wierk, wann ech mech niewent dat Kand léen an oppassen, dass kê wellt De'er em èppes dét. (*E lét sech hin. 'T get deischer.*)

#### 7. Optrett.

*Gott Amor kempt, sche'sst de Pfeil no dem Mònd, dén der-durch belicht get a séngt: Mit dem Pfeil dem Bogen.....  
sche'sst ê Pfeil niewent d'Kanner a lêft fort.*

#### 8. Optrett.

*Hugo a Klaus:* Aha, endlech ass dén ons och an d'Fâl gelaf. Dé verklôt mech keng zwët Ke'er me' beim Grof vu Letzeburg. Ma soll kêen de barbaresche Krésch gehe'ert hun.

*Klaus:* Här Ritter, sot wat dir wellt. Mä dé Kierel hat e verflucht ze't Liewen. Nun, d'Gleck wor ons gensteg. Mir hun dach elo net emsoss âcht Dég am Rén an am Wand op e gelauert.

*Hugo:* O kuck, do lêit e Kand, a wat ass dat.

*Klaus:* Hèr Ritter, lósse mir emol kucken op et nach liewt. Jo ech he'eren et otemt.

*Hugo:* Dann hiew et op an huel et mat. Wé wèss fir wat et nach ze brauchen ass. Ech gin elo viraus kucken op d'Loft frei ass. Wann ech dir peifen, hels d'et op den Arem a kems mer no. (*Hugo gêt of.*)

*Klaus:* Wahrhafteg, de Ritter hât Recht. 'T ass kêen iwelt Kand, an 't gleicht nawèll net iwel an de Rubins-Rass. An dat kann och nach ewèll stemmen. Jo, dat könt an dém Alter elo sin. Ma du kens mir grad ewe' gewünscht. E Gleck dass de Ritter dech net erkannt huet, soss wär ech em meng ganz Berechnong kom. Wèli e gammst scho lâng no dîr. Mè fir dech ze kre'en, kascht et hien d'Bûrg vun Heringen.

*Prenz:* Fré dech net ze fre', du ro'de Bischttert, du hues d'Rechnong de' Ke'er o'ni de Wîrt gemâcht. (*Et peiff.*)

*Klaus:* Aha, d'Loft ass frei. (*En hiewt d'Kand op.*)

*Prenz:* Oh Mamm! De ro'de Neischtert helt et matt. O Gott, lôss mech en trèffen. (*E werjt sei Spér, de Klaus get blès-se'ert.*)

*Klaus:* A wat der Donner hêscht dat do? Worst du dat, du Bo'w. Da wart, dech helt elo der Deiwel. (*Zitt den Dolech a gêt op de Prenz lass.*)

*Prenz:* Helef, Helef! (*Sî rengen.*)

*Ro'semendchen:* (*Hiewt de Spér op a stecht de Klaus nidder. 'T falt d'Hänn, kne't sech a sét.*) Le'we Gott am Himmel, verzei mir. Ech hu jo misste stiechen, soss wâr mei Rëtter verluer gewiescht.

*Prenz:* Hoffentlech ass dir neischt geschitt. Ech hât mech hier geluecht fir dech ze bewâchen. Wat ê Gleck, soss wârs du vun dém ro'de Reiber entfe'ert gin.

*Ro'semendchen:* Ech sin dir e gro'ssen Dank schelleg. Dûrf ech wessen, we' ass dein Nuom?

*Prenz:* Ech sin de Prenz Dausendsche'n. An du?

*Ro'semendchen:* Ech nenne mech Ro'semendchen. O jé, ech gesin du bass un der Hand verwonnt. Lôss mech dech heimat verbannen. (*'T helt e klenge Verband eraus.*)

*Prenz:* O 't ass neischt.

*Ro'semendchen:* O, 't get mir ganz schlecht. (*Fällt schwâch.*)

*Prenz:* Meng Wonn de' brènt. (*Fällt och schwâch.*)

## 9. Optrett.

(*D'Wichtelcher.*)

*Meki:* Hei ass et wo' ên em Helef geruff huet.

*Schmucki:* Jo, zwê Kanner sin et.

*Nuki:* Komm, lôsst mir se mat hêm huelen.

*All:* Jo, jo, jo!

*Bommel:* A wat gesin ech!! Dat ass onse Prenz Dausendsche'n, dén sech sécher am Besch verlaft huet.

*All:* Den areme Prenz.

*Bonzel:* Hei e blutt jo. Ech mengen et muss hârt erof gânge sin.

*Schmuki:* Meki, Nuki, Bommel a Bonzel gitt se'er zwo' Dro-bîre sichen. (*Ve'er Wichtelcher of.*) Wat soll wuel hei

virgânge sin. Kuck do leid ên. (*Weist hin.*) Wäre mir  
nemmen erem fort, t' ass ên eso' kleng, 't fîrcht ên. —  
Aha, do kommt der schon.

*All:* Jo, hei si mir.

### 10. Optrett.

*Wîchtelkinek:* (*Kemt luos spaze'ert.*) A wat ass hei geschitt.

*Schmuki:* Ma Kinek, Hei leit de Prenz Dausendsche'n an  
ê le'wt klengt Médchen. De Prenz ass um Handgelenk  
verwonnt an dodurch secher schwâch gefall.

*Kinek:* O Mamm, o Kanner! Da lôss mer mâchen, dass mir  
se wiw hém kre'en. Kommt hier Nuki a Bommel a pakt  
emol eng Hand un. (*Se léen de Prenz op d'Drobîr.*) So',  
da gitt dir zwê vir, mir komme no. Schmuki a Bonzel  
kommt heihin an heleft dat klengt Médchen op d'Bîr  
léen. Pakt et ower ganz gescheckerlech un. Nu ge' du  
vir Meki a licht hinnen. (*All of.*)

*Amor:* Mei Papp huet mech heihin gescheckt,  
Aus sengem Land wo' d'Le'ft begleckt;  
Fir mei Pfeil op de' ze sche'ssen,  
De' en Hierzensbond ze schle'ssen.

*Enn vum e'schten Akt.*





## Zwêiten Akt.

(Besch we' am e'schten Akt.)

### 1. Optrett.

(Ro'semendchen setzt mat engem Kränzchen um Scho'ss  
a schle'ft.)

### 2. Optrett.


(D'Beschfrächercher komme gewescht. D'Kinigin séngt:)

### Cläro vun de Beschfrächercher.

*Animato.*



I. Solo *mf* / Er - wäch 't ass Zeit — Mei le'it  
II. Tutti *f* \ Onst



Ro' - se - mend - chen ste' op. Er - wäch 't ass



Zeit. Mein hier-zecht kléngt Médchen ste' op.  
Onst

(D'Beschfrächercher widderrhuelen a gin of.)

*Ro'semendchen: (erwächt nom Gesank a reiwt sech: d'Aen.)*  
We' gudd huet mir dé Schlof gedon. Et wor mir we' wann  
ech Gesank gehe'ert hätt. Mé vleicht hun ech dat och  
nemme gedrêmt. (*Bent de Kränzche fierdeg.*) Prenz  
Dausendsche'n, dé Kränzchen hun ech fir dech gebon-  
nen, fir den Dank, dass du mech eso' gudd behitt hues.  
Ech léen de Kränzchen heihinnen, dé kên anere fanne  
soll we's du. (*Kesst de Kränzchen a lét en dur.*)

### 3. Optrett.

*(De Klaus schleicht sech durch de Besch.)*

*Ro'semendchen: An elo well ech nach e Buké fir mei le'we*  
*Wíchtelkinek plécken, wèll en eso gudd an eso' behelflech*  
*wor. ('T pléckt d'Blummen.) An de' le'f Wíchtelcher, all*  
*woren se eso' le'f ge'nt mech a ge'nt de Prenz. Ech wèrd*  
*se och nie vergiessen. Elo get et Zeit dass ech gin, soss*  
*sin se all an der Angscht em mech. (Wellt goen, get*  
*ower durch de Klaus verhennert.)*

*Klaus: Wo'hin du Do'dschle'esch? Ah du kens vum sèlwen*  
*an d'Fâl. (Lâcht.) Hahahaha.*

*Ro'semendchen: Helef, helef, barmherzege Gott, helef mir.*  
*(Fällt op d'Kne'en.*

*Klaus: Eló séss de mer emol wo' de Bo'w hi kommt ass. A*  
*dir zwê. Hât der gemengt ech wâr do'd? Ma de' Ke'er*  
*géss de mat. (Reisst d'Kand, dat hârt kreischt, um Hand-*  
*gelènk mat fort.)*

*Ro'semendchen: Helef, helef, helef! (Of.)*

### 4. Optrett.

*Eng be's Fé: Ro'semendchen, Ro'semendchen, haut tritt*  
*méng Verwenschong a Krâft. (Gêt of.)*

### 5. Optrett.

*Prenz: (Rifft ganz traureg.) Ro'semendchen, Ro'semend-*  
*chen. (Echo.) Mei Gott, nirgends ass et ze fannen. Ech*  
*he'eren neischt ewe' den Echo. Keng Entfert. Neischt.*  
*Firwat hun dech de' domm Wíchtelcher och aus hirer*  
*Hiel erausgelôss. Ech hât hinnen dach streng ubefuel*  
*dech nie elèng ze lóssen. Ech ko'm a gro'sser Fréd heihin*

gelaß fir dech gleich mat hém ze huelen, an elo bass de guer net ze fannen. Du wärs mir eng le'f Schwesterchen gin a mei Papp wär och dei Papp gewiescht. Ech well hei e we'neg ausro'en, wèll des Plaz am Besch ass mir de' le'fst gin. Hei ro't Ségen. hei huet Ro'semendchen mei Liewe gerett an hei well ech als Undènken sei Bild a weissem Marbelstèn oprichte lössen. Em de Kapp soll et e Lorbeerkrantz droen, we' et enger Heldin zo'kemt. (*Setzt sech an entdèckt de Kränzchen.*) E Kränzchen, o we' hierzeg! Dé wèrd wuel eng Beschfrächen fir mech gemâcht hun. Halt en Ziedelchen. (*liest.*) Fir de Prenz Dausendsche'n vum Ro'semendchen! Merci villmols, Ro'semendchen. Ech wèrd de Kränzchen e'weg versurgen. Nu kuck, dann huet och èppes d'Ro'semendchen erem heibi gezun. 'T wèrd em dach op dem Wé zu de Wichtelcher neischt geschitt sin.

#### 6. Optrett.

*D'Hex:* (*Schwätzt fir sech sèlwer.*)

*Prenz:* A wat iergert dir iech eso' Giedel?

*D'Hex:* O, 't ass wo'er. 'T ass ê geschwen hei am Besch senges Liewens net me' secher. Fre'er war dat net eso'. Dat muss ech soen, ewèll d'Halschecht vu mengem Liewen hun ech hei am Besch zo'bruecht. All Dag he'ert ên dass Leit vu Reiber iwerfall gin, a kê Mensch wêss wo' de' Band sech ophällt.

*Prenz:* Ma Giedel wat fir eng Neieggkêt wor dann de' lèscht de' dir gewuer sit gin.

*Hex:* E Reiber soll sech mat engem Kand, wat hârt gekrascht huet, durch de Besch gemâcht hun.

*Prenz:* (*Fir sech.*) O Gott, wann dat nemmen d'Ro'semendchen net wor. (*Setzt sech hin.*)

*Hex:* Ma des Dég hun ech engem klenge Médchen d'Wo'e-recht aus der Hand geliest. Hoffentlech wèrd et dat net sin.

*Prenz:* (*Firwetzeg.*) Ma wat hut dir him da gesot, Giedel?

*Hex:* Wârt emol, ech muss mech emol bedènken. Alles wêss ech net me'. Wârt, et ass eng verwenscht Prenzessin, dém

seng Elteren vu Reiberen gefänge go'wen, soss eren-  
neren ech mech neischt me'.

*Prenz:* Ma Giedel, kent dir mir dann och soen wat mir an  
der nèxter Zeit bevirstêt?

*Hex:* Ma gewess, mei Jong. Dat ass jo mein Handwierk,  
recht gieren. (*Hèx liest d'Handlinien.*) Oho, dat ass jo  
d'Kro'n, den Zepter an d'Le'wt. Du mei Prenz ver-  
långers no engem klenge Médchen, dat ower dese  
Momènt gefänge gehale get. Du geseis et ere'scht no  
siewe Joer erem. Dat Klenkt verlångert sech bal do't no  
dir an 't huet schwe'er Zeiten durch ze mâchen.

*Prenz:* (*Zo' sech sèlwer.*) O Ro'semendchen, kent ech dir  
helefen, we' glectlech wär ech.

*Hex:* Du wars an enger Gefor, de' dech dei Liewe kascht  
hätt wa se net durch rechtzeitig Helef verhitt gi wär.  
Eng sche' lãng Liewenslin profezeit guddi Gesondhêt  
a lãngt Liewen. Du bass enert der Kro'n gebuer, an  
du wãrs spe'der nach iwer e Vollek hèreschen un der Seit  
vun enger Kineksduechter, de's du dir scho sèlwer ge-  
wielt hues. Eso', dat wär alles. (*De Prenz get der Hex  
e Portmonne'.*)

*Prenz:* Heit Giedel, huelt dat hei fir èr Me'.

*Hex:* (*Mecht e Knix.*) We' genere's, merci villmols mei le'we  
Prenzchen. Edde' bis en anermol. (*Gèt oj.*)

*Prenz:* Arwur Giedel. (*Niddergeschloen.*) Ro'semendchen,  
o Ro'semendchen, am Dram well ech dech sichen an  
eremfannen. (*Lèt sech op eng Bãnk a schle'ft.*)

#### 7. Optrett.

*Wichtelkinek a Wichtelcher kommen a ruffen am trauregen  
To'n:* Ro'semendchen, Ro'semendchen. (*Gin oj.*)

#### 8. Optrett.

(*Dem Prenz sei Schutzengel kent op den Ze'wen mat de  
14 Engel.*)

*Rezit vum Schutzengel:*

All Kand dat huet en Engel,  
Dén an der deischtrer Nuecht

Bei sengem klengen Bettchen  
Hält gudd an treilech Wuecht.  
Seng Hémecht ass den Himmel weit,  
Dén he'ch iwer de Wolke leit.  
Op Wéen an op Stéen  
Do spilt hien mat dem Kand,  
An heleft em gudd folgen  
A léd et mat der Hand.  
Dat Kendche follegt emmer gudd  
A kritt vir d'Le'ere fresche Mutt.  
A gêt et owens schlofen  
Den Engel et bewâcht.  
En hält Wuecht bei dem Bettchen  
Bis d'Senchen hatt erwâcht.  
Schlof gudd, mei Kand, a Gotteshand  
An drêm vun dengem Ro'sekand.

*Enn vum zwêten Akt.*



## **Dreften Akt.**

### 1. Optrett.

*Wichtelcher: (Leien an der Hiel um Buedem a kreischen.)*

*Meki: Meng le'w Bridder, halt eng Ke'er op mat dém Gekresch. Dat brengt ons dat le'wt Ro'semendchen dach net me' erem.*

*Schmuki: 'T wèrd dach kê Wollef et gefriess hun.*

*Nuki: O dann hätte mer schon e Steck vu sengem Räckelchen am Besch font.*

*Bommel: Vleicht huet et sech och nemmen em Besch verirrt a kent muer erem.*

*Bonzel: (Werft sech vu neiem op de Buedem a kreischt.) Ech stürwen, ech spiren et, ech verlângere mech do't nom Ro'semendchen.*

*Meki: Dat muss ê soen, wo' d'Ro'semendche wor huet d'Soan geschéngt.*

*Schmuki: (Begleckt.) O eso' e Médchen as dach èppes hierzeges.*

*Nuki: Meng le'w Jongen, tre'scht iech, muer gi mir allegurten an de Besch a mir sichen all Eckelchen aus, an da wèrde mir onst le'wt Ro'semendchen schons erem fannen.*

*Bommel: Du hues recht, le'wen Nuki. Nu fir ons erem bei Stemmong ze brengen, well ech ênt op menger Flüt spielen, an dir sollt allegur danzen. Sid dir domat averstanen.*

*All: Dajé. O jo, o jo!*

*Bommel: (Spillt, se raumen of an danzen. De Piano kann eng Schoteg spillen.)*

*Bonzel:* Gesidd dir, meng Le'w, elo ass emol erem Liewen  
an der Bud.

*All:* Dat war sche'n! Dat war sche'n!



*Meki:* Wesst dir dann och dat neist?

*All:* Ma nén.

*Meki:* Ma haut den Owend huet onse Kinek Geburtsdag.

*All:* Onse Kinek huet Geburtsdag?

*Meki:* Gèlt dorun hätt dir net geduecht. Ech well iech ower  
weisen datt ech mei Kinek eso' bal net vergiessen. (*Lêft  
an helt e Buké.*) Dese Buké hun ech fir hie geplékt an  
det Liddchen sange mir him zesummen. (*Weist op e  
Blad.*) Stöl, ech mängen e kemt. (*Verstoppt de Buké.*)

## 2. Optrett.

*Kinek:* Gudden Owend, meng le'w Kanner!

*All:* Gudden Owend, Kinek!

*Meki:* (*Helt de Buké an eng Flèsch. Si sangen.*)

## Wichtel-Drénklidd.

*Flott.*



*Unis.* Ki- nek, d'Wich - tel - cher ze - sum - men, bren - gen  
Mat dér Flesch, de' mir dir schen - ken, em - mer  
Do - fir jeitzt, dass d'Fiél - ze bie - wen, on - se




dir dé Buk - kè Blum - men an do-  
sollst du do - run den - ken, dass am  
Ki - nek dé soll lie - wen, Hon - nert



mat eng Flesch voll Wein, E - nech - kêt a Son - ne-  
gié - le Rié - we - sâft schlo - fe Loscht a Lié - wens-  
Jor a Gléck a Frêd, dass 't him em-mer gut er-



schein. An do - mat eng Flesch voll Wein. E-nech-  
krâft. Dass am gié - le Rié - we - sâft, schlo-fe  
gêt. Hon-nert Jor a Gléck a Frêd, dass 't him



kêt : a Son - ne - schein!  
Loscht a Lié - wens-krâft!  
em - mer gut er - gêt!

*Wîchtel:* Vif! Vif! Vif!

*Kinek:* Merci Jongen, ech sin ugegraff vun der sche'ner Owatio'n, an dir Meki, danken ech speziell! .... Da breng ons Glierser. (*Se setzen sech. De Kinek schênkt Wein an d'Glierser.*)

*Meki:* (*Get de lèschte bedéngt, hålt dem Kinek d'Glas oder de Bächer hin a sét:*) Kinek, vergiess mech net — he'ers



de, du solis mech net vergiessen. (*Zum Publikum: Ech mängen den Aien ass dat haut. Sot em e soll de Schaum enne lössen.*)

*Bommel: (Hiejt jirte'scht sei Glas a sét:)* Dajé, op d'Wuel vun onsem Kinek! E soll liewen!

*All Wîchtel: (Stin op, hiewen d'Glas a ruffen:)* Vif! Vif! Vif! (*Se drénken.*)

*Meki: We' wär et dann elo mat enger Parti Kârt, so — Kinek, ech hätt Fréd dech emol anzesêfen.*

*Kinek: Gutt Meki, ech well dir dé Gefale mâchen, breng d'Kârtten.*

*Meki: (Brengt d'Kârtten a get se.)* Also eng zo' Gesellen, du Kinek, an du, an du an ech.

*Bonzel: Tromp aus!*

*All: Tromp aus, Tromp aus!*

*Meki: Heihin dermat, komm.*

*Bonzel: Oho, wïem sei Stréch ass dat, so, du Fuddler!*

*Bonzel: Hêrzerass. (All: Hîrz.)*

*Meki: (Lâcht.)* Jé, jé, get se heihin. De' klèng Trepchen hei krit de Stréch — gesit dir emol. A 40 ze mêlden. Merci.

*All: Do huet en d'Parti namel. 'T ass net mat em ze spillen.*

*Meki: Solle mir nach eng mâchen?*

*All: Net me' mat dir, du Fuddler!*

*Kinek: Da löss mer nach ên drenken, Jongen. (E schett eraus a bedengt de Meki fir d'lèscht.)*

*Meki: (Dre't sei Glas op d'Kopp a sét:)* Ech mängen den Ale géng mech gir vergiessen, wèll ech en namel agesêft hun.

*Kinek: Da komm Meki, réch mer dei Glas, du bass jo dach dé bèschten.*

*(All hiewen d'Glas.)*

*Meki: Op deng Gesondhêt, Kinek!*

*All: Prost! Prost! Prost! (Sî drénken.)*

*Kinek: (Seiwzt.)* O mir leît nach e schwe'ere Stén um Hierz. Wann dat net wär, dann hätt ech mech emol erem gefrét. Huet dir nach neischt vum le'we Ro'semendchen gehe'ert?

*Schmuki:* Kinek! Ech fîrchten 't ass him en Ongléck geschitt.

*Kinek:* Leider hun ech bis elo emesoss no him gesicht.

*Schmuki:* Kinek! Ech befîrchten dass en Ongleck geschitt.

*Nuki:* Vir enger halwer Stonn war de Prenz Dausendsche'n  
hei, e wor eso' traureg an en huet ons op eneis ubefuel  
all Dag am Besch nozekucken.

*Kinek:* (*Reselt de Kapp a kreischt.*)

*Bommel:* Jo, en huet och gesot, de Kinek, sei Papp, le'ss  
eng Belo'nong ausstèllen fir dén, dén dat Kand erem-  
bréngt.

*Bonzel:* An hätt hien dat och net gesot, mir hätten ower  
eso' fleisseg gesicht.

*Kinek:* Brav, dat hues du gudd gesot, mei Jong. Mir sichen  
a mir fannen d'Ro'semendchen, do't oder lieweg, a sollt  
et honnert Joer dauern.

*Meki:* (*Stêt op.*) Nu lauschter emol, gudde Kinek. Haut  
bass de erem e Joer me' al gin an hoffentlech ges du der  
nach vill me' al. Do lósse mir haut de' schwârz Ge-  
danken dobaussen, siéf mat ons fro' a leschteg. Du wärs  
gesin op émol klappt et un d'Dîr, a wie kemt eran:  
d'Ro'semendchen.

*All:* (*lâchen.*)

*Meki:* Wanns d'erlabs, Kinek, da sange mir dir och nach  
ênt.

*Kinek:* Jo, Jongen, ech well.

*Meki:* Dajé, Jongen.

*All:* (*Sangen a begléden sech andém dass se mat der  
Fauscht den Takt um Desch schloen.*)

Marsch. **Wichel-Marsch.**

Mir sin all klèng lesch - tég Jon - gen,  
A wa mer neischt hun ze drén - ken,



san - ge fro' aus ire - sche Lon - gen  
lôs - se mir en Dâ - ler blén - ken



Wéng-chen an der Flèsch! Dâ - ler an der Tèsch!



D'Sou - en an de Wein sin ons, an  
*Da Capo.*



d'Wâs-ser ass fir d'Fesch!

*Kinek: (Stêt op.)* Eso' dir meng le'w Jongen, ech danken  
iech vun Hierzen fir dé sche'nen Owend dén dir mir berét  
huet. Ma elo ass et Zeit dass mir all schlofe gin. Wèll  
Muer de Muergen get et fre' Bîren, dann musse mir ons  
op d'Sich nom Ro'semendche mâchen.

*All: (Stin op a raumen ow.)*

*Kinek: (Lét sech op de Fotèll an d'Zwergen ronderem.)* Gudd  
Nuecht, a schloft gudd, meng Jongen.

*D'Wîchtelcher: Merci, dir och. Gudd Nuecht, gudd Nuecht!*  
*Kinek. (Sî schlofen all.)*

*Enn vum dretten Akt.*



## ***De'erien Akt.***

*Prisong. Halwe Besch.*

### **1. Optrett.**

*Ro'semendchen als erwuessent Médchen kuckt aus sengem Prisong mat Truelgen zur Fenster eraus, an zitt den Otem schwe'er.*

### **2. Optrett.**

*Hugo a Klaus kommen do, am Gespre'ch.*

*Hugo: (Klappt dem Klaus op d'Scheller.)* So, Klaus, mei Plang ass firdeg an ech hun e'schter kèng Ro'h a kèng Rascht bis dass ech en ausgefe'ert hun.

*Klaus:* A wat fir e Plang ass dat dann, Hèr Ritter?

*Hugo:* Haut sollen se den Hugo kènne le'eren, nach haut den Owend get d'Rubinsburg iwerfall an dann sin ech mat èngem Schlâg de mächtigsten an de reichste vum Land. 1280 hat ech d'Burg eso' weit an der Hand, awer ech hat net gerèchent dass de Kuno mat eso' vill Verstärkong no ke'm, soss haten se se net kritt. Nu kennt ech ké bessere Moment fannen fir den Iwerfall we' haut den Owent. De Grof ass an de Krich gezun a soss ass kén doremmer eso' kèng fir é Kampf mat mir opzehuelen. 'T ass jo och kén Irwen me' do.

*Klaus:* Ma dach, irt iech net, Hèr Ritter, d'Prenzessin Rubin Ro'semond de' liewt nach. —

*Hugo:* We' dat dann? —

*Klaus:* Dir wesst jo, dat Kant dat mir démols am Besch font haten, sollt ech jo nobréngen. Ech go'f durch e Bo'f iwerfall a krut zwe' Lanzestéck an de Réck, é vum Bo'f an e vum Médchen. De Schmatt vum Mellerdal huet mech am Besch font a mech erem an d'Rei gesat. Dû, we' ech

erem gudd war, dû wart dir an de Krich. Ma durno sin ech iewer der Prinzessin nach eng Ke'er am Besch begëngt du huet et ower gerubbelt. Ech hun et matgehöll an em drei Dég neischt z'iesse gin, an du ass et hier an dese Prisong geflun, wo' et och nach setzt. —

*Hugo:* Ma da mâch dass et Loft gemâcht kritt. Denowent ir ech seng Eltre-Burg stirmen le'ss d'et lieweg als Hëx verbrënnen. Sei Kîrper soll ons als Fâckel déngen an d'Ge'gend an d'Wéen belichten. Bestèll de Scharfrichter, dass e gleich kennt. 'T ass zwar Schuod, 't muss e sche'nt Kant sin, awer 't stët am Wé an 't muss dru gléwen. — Dajé lôss mer goen, op e gudd Gléck.

### 3. Optrett.

*Fenef Wîchtel kommen aus dem Besch.*

*All: (Rezit.)* Ro'semendchen, Ro'semond,  
Sîwe Jor siche mir dech, le'wt Kand,  
A mir hun dech nach net fond.  
Ro'semendchen, Ro'semond.

Ro'semendchen, Ro'semond,  
Ons kleng Fe'ss si scho ganz wond.  
Komm erem dach an onst Land,  
Ro'semendchen, Ro'semond.

Ro'semendchen, Ro'semond,  
Nuecht an Dag mâ mir ons Rond.  
Honnert Jor hënke mir drun,  
D'Welt ass gro'ss an d'Welt ass ron.

*Meki:* O watt! Kurag Jungen! Lôsst mer d'Siche net opgin.  
Elo siche mer scho sîwe Joer, a lafen Dag fir Dag durch  
de Besch vun engem Enn zum aner.

*Schmuki:* Jo Meki, an nach emmer hu mir dat aremt Kand  
net erem fond.

*Bonzel:* An de Kinek kreischt sech d'Ae blann. Aplaz sîwe  
Joer schéngt en der zwanzeg me' al ze sin.

*Ro'semendchen:* Ech he'ere Stemmen. (*Dréckt d'Stîr un d'Truelgen.*) Mé, mé, sin dat net meng trei Wîchtelcher, meng Fren. Pst, pst, pst.

*Meki:* Stöl, huet dir elo neischt gehe'ert.

*Ro'semendchen:* Schmuki, Meki, Nuki, Bonzel a Bommel! Hei ass èrt Ro'semendchen, ech setzen hei am Prisong gefângen, a soll nach haut ewe' eng Hex verbrannt gin.

*Schmuki:* O d'Ro'semendchen, Ro'semendchen! Endlech hu mer et. (*Se lâfen dohin.*) Wat solle mer da mâchen, wat solle mer ufênken. Du mei le'wt, ênzegt, hierzegt Ro'semendchen, hu mer dech endlech erem.

*Ro'semendchen:* Jo, meng le'w Frenn, mé ech si ganz onglecklech a gefângen. Wat mâcht der all? Hutt dir neischt me' vum Prenz Dausendsche'n gehe'ert?

*Meki:* Jo, mir sin all monter a de Prenz Dausendsche'n ass erem bei sengem Papp um Schlass. En ass ganz traureg dass mir dech net erem font hun an onse Kinek och. Onsen areme Wîchtelkinek ass eso' al gin vun elauter Verdross

*Ro'semendchen:* Meki, wells de mer e Gefâle mâchen. Da laf, eso' se'er we's de kanns, zo' dem Prenz a so dass ech hei sin, ech ge'f en nach gier gesin, wèll ech muss geschwen stierwen.

*All:* Jo, mir lâfen all matenaner.

#### 4. Optrett.

*Schârfrîchter:* (*Kent vun der enger Seit an de Besch.*) Me' schwe'er ewe' hautt ass mir mein Handwierk nach net virkomt. E jongt Médche vun e Jôr er uechtzeng soll ech verbrènnen, a wat eso' sche'n ass ewe' en Engel.

#### 5. Optrett.

*D'Hex:* (*De' iwert der Ried aus dem Besch kent a dat lèscht nach gehe'ert huet.*) A wien soll dat da sin?

*Schârfrîchter:* Git erem wo' der hirkomt sit, al Hex.

*D'Hex:* Ma ech muss dach och gesin wat hei virgêt.

*Schârjrîchter:* Soss géng et jo net wann dir d'Nues net an alles stieche géngt.

*D'Hex:* (*Zum Schârjrîchter, dén hir de Réck dre't.*) E jongt Médche soll e verbrénnen, a wat soll dat da verbracht hun. En do't gemâcht, dat kann dach bal net me'glech sin. Eso' e jongt Kand an eso' schlecht. Vleicht och net. Vleicht ass et op falsch Aussoen vun engem Neischtnotz fir éppes beschelegt wat et net gemâcht huet. Nun 't siew dann, ech gin et jo dach gewuer.

*Schârjrîchter:* (*Guddmiddeg zum Ro'semendchen.*) Huet dir iech mam Hèrgott an d'Rei gesat, dir stitt kûrz virun èrem Do't. Hätt dir vleicht nach ê Begier.

*Ro'semendchen:* O, et wâren e puer Perso'nen de' ech nach gier erem gese'ch, ower ech wêss net wo' se sin.

*D'Hex:* (*De' do eremer getrepelt huet, kempt, kuckt d'Ro'semendche lâng un. Opgerégt:*) Jeses Marja Jo'sebett, ech kènnen dat Médchen do. Wann ech net iren, dann hun ech dém als Kand d'Wo'erecht gesot. Aremt Kand, wat hues du da gemâcht fir eso' weit ze kommen.

*Ro'semendchen:* (*Zum Schârjrîchter.*) Erlabt dir dass ech e puer Wirder mat der Fra schwätzen?

*Schârjrîchter:* Gewess, 't ass ère lèschte Wonsch; (*Gêt of.*)

*Ro'semendchen:* Jo, le'w Fra, kuckt mech gudd. Ech sin d'Ro'semendchen. Awer èr Konscht ass de' Ke'er fél geschloen.

*Hex:* Solle mer dann net nach eng Ke'er an d'Hand kucken. Vleicht dass . . . . .

*Ro'semendchen:* O 't ass net me' ne'deg. Wann ên eso' weit ass ewe' ech, da muss ê Wônner gesche'hen. Lösst de' Sâch sin a lauschtert mer no. A wann der de Prenz Dausendsche'n emol sèlwer bege'nt da sot em e Bonjour vu mir a verzielt em meng Geschicht, a sot e soll emol hei an do u mech dènken.

## 6. Optrett.

*Eremit (Klausener:) kempt do spaze'ert.*

*Hex: (frédeg.)* Hei kempt jo de Papa Klausener.

*Ro'semendchen:* A wien ass dat dann?

*Hex:* Dat ass e gudden ale brave Mann, dé nuren onsem  
Hèrgott déngt a sech sèlwer alles versèt wo'run aner  
Leitt Fréd hun. Klausener kommt emol heihin.

*Klausener:* Gott sèn iech. A wat get da neis?

*Hex:* Ma si wellen dat aremt Kand hei verbrènnen. Kann  
dann ê Gott dat zo'lössen.

*Klausener:* Du aremt Kand. Wat hues de da verbrach dass  
se dech verbrènne wellen.

*Ro'semendchen:* Mat Wessen neischt. Mei Gewessen ass  
reng an ech brauch den Do't net ze fierchten. Wellt dir  
meng Geschicht he'eren?



*Klausener:* Jo, mei Kand, so mir wat dech bedréckt.

*Ro'semendchen:* Meng Elteren hun ech scho fre' verluer.  
Ech si bei gudde Leit opgezilt gin. Du go'f onst Haus  
metten an der Nuecht vu Reiber iwerfall an du sin ech  
voll Angscht an de Besch gelaf. E Reiber wollt mech  
am Schlof rawen, mè de klenge Prenz Dausendsche'n  
hat sech och zo'fällég am Besch verirrt. Do geso'ch e  
mech do leien an hien huet mech beschetzt. D'Wichtel-  
cher hun ons opgeholl, wèll de Prenz wor verwonnt gin,



a sî wollte mech zu hirer Kinegin mâchen, ower ech wor sëlwer Schold u mengem Ongleck. Op dem Hêmwé wollt ech aus Dank dem Prenz e Kränzche bannen, mè du sin ech vun dem sëlwegten Reiber, dé mech démols rawe wollt, entfe'ert an an dese Prisong bruecht gin.

*Klausener:* Ech bedauern dech, du aremt, aremt Kand. Eso' lâng setzt du schons do dran. Wëss de dann net den Num vun dem Reiber?

*Ro'semendchen:* Dach, ech mengen se nënnen en Klaus, ma dén d'Scholt dre't ass den Hugo.

*Klausener:* O jé, bas de an dem seng Hänn gefall. (*Reselt de Kapp.*) Dann ass nemme me 'e Gebiet ubruecht. Dass de le'we Gott deng Leide kûrz mecht an dech do uewen als Engel glecklech mecht. (*En helt aus senger Tâsch e Gebietbuch an eng Kierz, jänkt de' un.*)

*Hex:* Soll ech iech d'Kierz vleicht unhalen?

*Klausener:* Dat kent dir. (*E sét e kûrzt Gebiet, sént d'Ro'semendchen, get em d'Hand.*) Da jé mei Kand, lôss deng lèscht Stonn der net ze schwe'er gin, op d'Eremgesin do uewen. (*Ble'st d'Kierz aus, stecht se an d'Tâsch a gét of.*)

*D'Hex:* Dat ass en hélége Mann, dat sét gidferén. Jeme Gnoden, do kemt jo den Hugo .Jo, dat ass en.

## 7. Optrett.

*Hugo, Klaus, Scharfrichter a Knappen.*

*Hugo:* So, fir wat dauert de' Sâch haut eso' lâng, wärst du och gèr e Kapp me' kûrz, dann dréck dech nach e we'neg.

*Schârfrichter:* Verzeit, Hèr Ritter, mais hiéft dach Erbârmén mat dem ârme Kann.

*Hugo:* Nach é Wurt an ech splécken dir de Kapp, du Hond. Allé ewèg op de Koup Holz, eso' an nun stéch et un. Wat wèrd et ons elo Grimasse schneiden. Haha —

*Schârfrichter:* (*Wellt den Holzsto'ss ustiéchen, ower e get durch de Prenz verhennert.*)



8. Optrett.

*(Wichtelcher a Beschjrächercher gin em de Koup Holz verbei a kreischen; sî kessen dem Ro'semendchen de Sùm vum Klêd a gin of.)*

9. Optrett.

*(Prenz, als jonge Ritter, mat Vollek a Gefoleg.)*

*Prenz: Wat gét hei vir? Du Hugo, wat wels du hei. Wels du dir nach ênt weider op d'Gewesse lueden? (Kuckt op d'Ro'semendchen.) Ass dé Schold drun?*

*Hex: Ma sicher, a kên aner.*

*Prenz: Du, dén durch d'Gnod vum Grof Kuno vun der Fielz vum Do't begnadegt gofs fir deng Schlechtegkêten de's du verbrach hues, wels du hei am Besch dir hêmlech nach*

e Muerd oplueden? Elo ge'f d'Gelégenhêt sech jo mol bidden, wo 'mir ons vis a vis stin, de' Opfer all a mei Papp un dir ze rächen.

*Hugo: (Dre't em de Réck mat zyneschem Lâchen a greijt nom Dégen.)* Ech sin emmer kampfberêt. Komm, mè dei Liewen gehe'ert mir. 'T ass nach kén bei mir schape'ert. Hâ, den Hugo le'ert dech fèchten.

*Prenz: Hues du Lomp de Mutt mat mir de Kampf opzehuelen? Da komm. (Se duelle'ren sech, Hugo fällt.)*

*Prenz: (Zo' sengem Gefoleg.)* Drot en hier an d'Fieschterhaus a lôsst em de Schmat vum Millendall kommen. Wann en erem hirgestallt ass da wiésselt en d'Plaz mat deser Gefângener, wuer e scho lâng higehe'ert. *(Gefoleg gêt mat em of. D'Vollek danzt vu Fréd a gêt mam Schârf-richter of.)*

*D'Hex: (Reiwt sech d'Hänn.)* Ah Prenzessin Ro'semendchen, haut sin de' sîwe Verwenschongsjoeren iwerstanen, elo kent och d'Gleck. An d'Stierwe mecht mir haut neischt aus, vu Fréd dass d'Gerechtegkêt age-tratt ass. *(Gêt of.)*

*Prenz: (dé nach emmer we' vu sech d'Ro'semendchen ukuckt, rîfft.)* Du bass et, jo du bass et, mei Ro'semendchen, mein Idéal, dat ech vergiewens bis haut gesicht an entlech erem fannen. *(Hien dét em d'Handschèllen aus, werft se op de Buedem a kesst et op d'Stîr.)*

*Ro'semendchen:* Gesche'en nach Wonner oder ass et Wirk-lechkêt, sit dir de Prenz Dausendsche'n?

*Prenz:* Jo, Ro'semendchen, mein Engel, dé mir emol d'Liewe gerett hat, ech sin et sèlwer. Geseis de, de' gudd Beschfra hat d'Wo'recht gesot. Dei Liewen verdank dengen treie Wîchtelcher, de' mech siche kom sin. Nuecht an Dag hun ech Gott gebied dech mir ze erhalen, an elo entlech, entlech hun ech dech eremfont. Komm ge' mat bei meng Eltern op d'Schlass. D'Kro'n wart do scho lâng op hir Kinigin.

*Ro'semendchen:* Oh, we' sin ech glecklech un èrer Seît. *(Kreischt vu Fréd.)*

*Prenz:* Ro'semendchen du kreischs, ech bieten dech, keng Tre'n haut op dém Dag wo' ech dech eremfont hun. Dén Dag get an de Kalènner geschriwen an e soll all Joer

gro'ss gefeiert gin. Kuck, hei ass och dei Kränzchen, dén hun ech emmer um Hierz gedroen. (*E weist en.*)

*Ro'semendchen:* O, jo 't ass en.

*Prenz:* Gew, e behält seng Platz an dohêm kent en an eng Rumm an e soll ons e'weg un ons Kandhêt erenieren. (*E stecht en hannescht.*) A wat dréckt mein Engel nach, du schengs nach èppes um Hierz ze hun. O, so mer et.

*Ro'semendchen:* Wann dir d'Macht huttt Hèr Prenz, da lósst haut mat ons alles glecklech sin. Do nidden an dem Prisonskeller hun ech emmer e We'meren he'eren, do müssen nach onglecklech Gefângener setzen. Get se frei, ech bieten iech. (*'T lét d'Hänn zesammen.*) Egal wat se verbrach hun. Lósst se sech mat ons fréen.

*Prenz:* Mé Kand, neumen de' göttlech Macht stét iwer mir. A soss keng. All Wonsch déns du hues soll dir erfellt gin Ech sin sèlwer gespant ze gesin wat fir onglecklech Opfer sech nach donidde befannen. Sî solle befreit an ons Hochzeitgäscht sin.

## 10. Optrett.

### *Hochzeitslidd.*

*Meki:* Eng Kro'n puer Gold, e Klèd reng Seid  
Bringen zur Hochzeit deng kleng Leit.

*Schmuki:* Mir sèlwer hu gemâch dat Klèd  
A welle kucken we't dir gêt.

*Nuki:* An hei de Voile, gef gudd drop uecht,  
dén huet Gott Amor fir dech bruecht.

*Bommel:* De' Blummen hei, du hierzecht Kand,  
Huel als Geschènk aus Wîchtelhand.

*Ro'semendchen:* O we' prächtig hu meng le'w Frenn mech  
ausgestatt! We' soll ech mech bei Iech eigentlech be-  
danken? Er Le'ft an èr Gutthêt wor ze gro'ss an ze édel.

*Meki:* O Ro'semendchen, verlâng vun ons d'Sonn vum Him-  
mel, mir bringen dir se a mir hu font, dass de so' besser  
zum Prenz passe géngs.

*Ro'semendchen: (Rècht de Wichtel d'Hand.)* Dausendmol merci, dir sollt och e'weg bei ons verke'ren, mir wèrden ons Frenschâft trei oprecht erhalen.

*Prenz:* Duerf och ech mech bedanke bei Iech fir de' gro'ss Genere'sshêt, de' dir menger le'wer Braut ugedôn huet. An nodrèglech och nach e Merci vun démols, we' dir ons eso' le'w an èrer Hiel opgeholl hat. Dese Rénk brengt èrem Kinek als Dank an dir sitt alleguer zu onser Hochzeit agelueden.

*Wichtel:* Vive, vive, de Prenz Dausendsche'n an d'Prenzesin Ro'semendchen!

*(Meki schle't d'Koptabuns.)*

### 11. Optrett.

*(Eng Glecksjé erschéngt a sét:)* Déne glecklech Verènegten well ech, fir d'Fréd voll ze mân, e klenge Baillett mat onse le'fsten Beschfrenn ervirruffen. *(Si hiejt hiren Zauberbèngel an et erschéngen am Marschtempo Wichtel mat der Hex. Amor mat de Beschjrächercher. Alles danzt.)*



*RIDO.*